



séiert gi sinn, mä déi Duerstellung, do wär e bal raibereschen Text gemaach ginn, deen duerno komplett ersat gi wier duerch eppes anescht, déi ass schlichtweg falsch.

Déi sechs Mesuren, déi proposéiert gi sinn: Eng dovunner ass elo an een anere Projet de loi eriwweergaangen, mä se besteet do, an déi aner sinn an dësem Text bliwwen, soudass d'Regierung par rapport zu de Mesuren an den Instrumenter, déi se de Strofverfolgungsbehörden hei zur Verfügung stellt, keng eenzeg huet misen änneren oder sträichen. Et ass d'Applikatioun, d'Präzisioun op de Ränner vun der Applikatioun, déi geännert huet, an do hu mir all Avis befollegt.

Ech mengen, dass dat méi e richtegt Bild wërft, souwuel op den Ecart tëschent dem initialen an dem Text, dee mer haut zur Ofstëmmung bréngen, an och zu der Demarche vun der Regierung.

Ech sinn op jidde Fall frou, dass mer an dësem Land et fäerdegbréngen, an dësere Matière, déi eng ganz delikat ass, eng fundamental wichteg ass, et haut fäerdegbréngen, esou en Text mat enger ganz breeder Majoritéit ze stëmmen, deen à la fois de Strofverfolgungsbehörden déi Instrumenter a Moyene gëtt, déi se brauchen, an op där anerer Säit sämtlech an héchst Ufuerderungen am Beräich vum Schutz vum Privatlewen, vun de Grondrechter assuréiert. Dat ass net esou einfach hinzekréien. Mir hunn dat zesummen hikritt an ech sinn doriwwe ganz frou.

An eng lescht Remark, fir ze ënnersträichen, dass et och keng Alternativ gouf zu där Demarche. Wann Der alles dat kritiséiert, dass mer en Text gemaach hunn, obwuel mer alles integréiert hunn, dass deen awer heihinner... Sou, da froen ech: Wat wier dann d'Alternativ gewiescht? Dass mer net reagieren? Dass mer einfach soen: Okay, mir kucken eis nach e puer aner méi politesch agreabel Saachen un, déi fir eis all an der Confortzon sinn, déi och utile kënnen sinn, mä do, wou et ëm d'Substanz geet vun de Moyene vun de Strofverfolgungsbehörden, hätt mer dann einfach näischt gemaach. Dat wär da richteg gewiescht? Sorry, dat ass einfach net an der Realitéit, wou deen doten Discours ka stattfannen!

Mir hunn eng Realitéit. Där hu mer eis gestallt, an zwar esou, dass mer mat guddem Gewësse kënnen soen, dass d'Grondrechter zu Lëtzebuerg an deem heite Fall respektéiert sinn an dass eis Strofverfolgungsbehörden déi Moyene kréien, déi se brauchen, fir an dësere Matière kloer beschriwwen, kloer delimitéiert kënnen aktiv ze ginn; wat et misst sinn a wat mer allequerten hoffen, dass et net wäert antrieden.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Parole après ministre!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech hunn dat direkt erkannt. Dat stoung Iech um Gesiicht geschriwwen.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Jo, jo. Also ech mengen awer, datt ech och mat ganz villem kann averstane sinn, wat den Här Braz gesot huet, an ech hu jo och net gesot, datt keng Verännerungen un deem Text gemaach gi wieren. Nawell ass et keng Phantasmagorie, dee franséischen Text aus dem Conseil d'État, deen ech virgelies hunn, mä dat stoung schwaarz op wäiss do, datt e gemengt huet a sengem éischten Avis, datt véier grondleeënd Verfassungsprinzipien, wat déi klassesch biergerrechtlech Fräiheeten ugaange wieren, a Fro gestallt wieren.

Woumat ech awer wierklech net averstane sinn, dat ass elo déi pauschalisierend Duerstellung! Et gëtt just Schwaarz oder Wäiss. Entweder maache mer näischt an da si mer alleguer irresponsabel, oder mer maachen dat do an da gëtt et och just dat doten.

Ech hunn a menger Interventioun drop higewisen, datt aner Länner anescht domat ëmgaange sinn. An ech hätt mer och an dësem Fall méi däitsch Besonnenheet gewënscht, une fois.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Minister!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Neen, dat ass och net dat, wat ech Iech wollt reprochéieren. De Punkt war, dass Dir bei Ärer Analys stoe bliwwen sidd bei den initialen Avisen.

Mä Punkt war just, fir ze soen, d'Regierung ass bis zum Enn deen dote Wee gaangen, mat

deenen Avisen. An deem Text, dee mer haut hunn - an dat war d'Demarche vun der Regierung, well, nach eng Kéier, een aneren Text hätt ech heibannen net verdeedegt -, deen Text, dee mer haut um Dësch leien hunn, ass en Text, deen all deenen Avise Rechnung dréit, déi mir gefrot hunn, déi mir gewëllt waren, ze befollegen, fir dass mer um Enn en Text hunn, deen deem doten alles entsprécht. Dat war just de Punkt. Et geet net duer, ze soen: „Initialement huet emol eng Kéier ee geschriwwen...“

An nach eng Kéier: Déi sechs Mesuren, déi d'Regierung proposéiert huet, sinn elo konform zu all deenen Avisen. An déi sechs Mesurë sinn nach ëmmer an de Gesetzestexter. Do ass keng den Affer gi vum Respekt vun deenen doten Avisen.

A meng aschränkend Remark, Här Baum, huet sech och just bezunn op dat, wou Dir sot, dat wär elo Schwaarz oder Wäiss. Neen, meng Fro war am Beräich vun der Strofverfolgung, well, nach eng Kéier, dësen Text mécht nëmme Strofverfolgung.

Wa mer dat hei net gemaach hätten, wiere mer dann der Meinung gewiescht, dass mer am Beräich vun de Strofverfolgungsinstrumenter guer näischt bräichten ze maachen?

► **Une voix.** - Ganz richteg!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Ech schwätzen nëmme vun der Strofverfolgung. Dass et och aner Moyene gëtt, déi ee supplémentaire ka maachen, do si mer eis eens. Mä och d'Strofverfolgung muss hei begaange ginn. An ech mengen, dass et keng Alternativ war, an der Strofverfolgung näischt ze maachen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci.

Da gi mer zur Ofstëmmung iwwer iwwert de Projet de loi 6921.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6921 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwe.

58-mol Jo, bei 2 Nee-Stëmmen. Domat ass de Projet de loi 6921 ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden (par Mme Martine Mergen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Françoise Hetto-Gaasch (par M. Paul-Henri Meyers), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marco Schank) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber mat der Dispens d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir ginn zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour: de Projet de loi 7205, d'Transposition vun engem EU-Reglement géint d'Verbreedung vun invasiven exoteschen Aarten. An den Här Gérard Anzia huet d'Wuert.

4. 7205 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°1143/2014 du Parlement européen et du Conseil du 22 octobre 2014 relatif à la prévention et à la gestion de l'introduction et de la propagation des espèces exotiques envahissantes

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Gérard Anzia (déi gréng), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, et geet hei, wéi elo schonn ugedeit, ëm d'Ëmsetzung vun engem europäesche Reglement betreffend d'Aféierung an d'Ausbredung vun invasiven exoteschen Aarte vun Déieren a vu Planzen.

Den Objectif läit hei ganz kloer an der Präventioun, am Erkennen, am schnelle Reagéieren an am Management vun dësen Aarten. An dat à court terme, à long terme an och, fir ebe verschiddene Vektore Rechnung ze droen, an zwar éischstens emol dem ekonomesche Schued, deen dës Planzen an Aarten, Déieren hei kënnen verursaachen, den ökologesche Schued, de Schued fir d'Biodiversitéit an och de Schued vun der Gesondheet vum Mënsch.

Ech géif fir d'Éischt awer emol op dee Volet agoen, wéi mer hei virgaange sinn. Den Depot, dee war de 7. November 2017 hei an der Chamber. De Conseil d'État huet säin Avis den 30. März ofginn. D'Chambre de Commerce respektiv d'Chambre d'Agriculture hunn hir Avisen den 2. an den 20. März dëst Joer ofginn. Den 2. Mee hu mer dozou an der Environnementskommission geschwat a mech selwer als Rapporteur benannt. An de Rapport, deen ass den 9. Mee ugehall ginn.

Déi Aarten hei, déi invasiv exotesch Aarten, déi sinn entweder per Accident oder se si ganz bewosst duerch de Mënsch agefouert ginn. Et gëtt geschat, dass op EU-Niveau dären 12.000 Stéck do sinn um Territoire. Déi ginn awer geregelt - an dat ass dat wichtegst Element an dësem ganze Projet de loi - an u sech a Lëscht opgefouert, déi och deenen dräi Kritäre Rechnung droen, den ekonomeschen, den ökologeschen oder de gesondheetleche Schued.

Deen éischte Jet vun dëser Lëscht, dee war am Juli 2016 erauskomm. Do ware 37 Aarten drop. Déi zweet Nobesserung ass 2017 komm, och am Juli. Do waren 12 Aarte bäikomm. Dat sinn därer elo 49 op dësere europäescher Lëscht, dovun 23 Planzen a 26 Déieren, déi do wieren.

A ganz wichteg: An dësem Projet de loi féiere mer och d'Méiglechkeet an am Artikel 5, dass mer kënnen Lëschten op nationalem Niveau aféieren, wou mer aner Aarte kënnen dropsetzen, déi fir eis an deenen dräi Vektoren ebe kënnen Schued verursaachen.

Ech géif ganz kuerz op déi verschidden Artikelen agoen, wat an dësem Projet de loi hei gemaach gëtt, a virdrun nach eng Kéier op den Avis vum Statsrot agoen.

Den Avis vum Statsrot war just op engem Punkt, dat war betreffend dem Artikel 2, wat d'Permisen ugaangen ass, dat heescht, d'Geneemegungen, wat de Volet vun der Fuerschung, vun dem medezinnesche Vektor ass, wou awer esou Aarte kéinte genotzt ginn. Do war u sech den europäesche Reglementstext net vollstänneg ëmgesat ginn an duerfir si mer där Opposition formelle nogaangen. Mir hunn dat komplett ëmgesat.

Den Avis vun der Chambre de Commerce, do ass bedauert ginn, dass dëst Reglement e bësse méi spët oder ze spët géif ëmgesat ginn. D'Chambre d'Agriculture erkennt d'Problematik vun dësen Déieren- a Planzenarten op Lëtzebuergeschem Territoire an ass och do ganz alerte an ënnerstëtzt d'Aféierung vun dëse Lëschte respektiv de Mesuren, fir dergéint virzegoen.

Am Artikel 1 gëtt festgeluecht, wie kompetent an dësem Dossier ass. Dat ass den Ëmweltministère. Am 2, do sinn déi Permisen, déi Ausnameregulunge festgehalen, déi kënnen erdeelt ginn, fir awer op dësen Aarten oder mat dëse Planzen an Déiere kënnen ze schaffen.

Am Artikel 3, do kënn dat, wat ech gesot hunn, dee wichtegen Artikel vun där nationaler Lëscht, wou mer als Beispill op der europäescher Lëscht d'Nilgäns drop hunn a wou mer awer genau wëssen, dass deenen hir Cousinsen, nennen ech déi elo, déi kanadesch Gäns, zu Lëtzebuerg ganz vill Schued maachen an déi einheimesch Gänse verdreiwen. An duerfir kéint dat esou eng Aart sinn, déi u sech op déi national Lëscht géif komme vun deenen exoteschen invasiven Aarten.

Am Artikel 4 gëtt festgeluecht, wéi de Public kann deelhuele, an zwar wa Plan-d'actionen ausgeschafft ginn, fir géint d'Ausbredung vun dësen Aarte virzegoen.

Am Artikel 5 sinn u sech all déi administrativ Mesurë festgehalen, wéi ee ka virgoen, fir dergéint ze wirken, dass ee Mesures d'urgence kann ergräfen, wann eng Aart, zum Beispill eng Planzenaart, eben iwwerhandhëlt respektiv wéi ee kann e Prelevement aus der Natur maachen.

Am Artikel 6 geet et u sech drëm: Wie kann alles elo Infraktiounen géint dëst Gesetz nogoen? An do hu mer dräi Akteuren, eng Kéier d'Douane, d'ANF an d'AGE, déi och do all Kéiers d'Qualitéit vum Officier de police judi-

ciaire kréien, nodeem dass se eng entsprechend Formation professionnelle gemaach hunn.

Am Artikel 7 geet et drëm, wat fir Rechter a Prérogatives de contrôle do sinn. Natierlech, d'Police grand-ducale ass ëmmer do am Recht, an déi virgenannten Akteuren och, fir u sech Saisien ze maachen oder fir kënnen anzegräfen.

Den Artikel 8, ganz wesentlech, do ginn d'Sanction-pénalle festgeluecht, an déi si ganz straff an dësem Projet de loi: vun aacht Deeg bis ee Mount Prisongsstrof respektiv 50.000 Euro bis 500.000 Euro Geldstrof, oder eent vun deenen.

Am Artikel 9 gëtt nach eng Kéier den Droit de recours agefouert vun den Associations écologiques.

An dann hu mer nach den Artikel 10, deen de Recours en réformation virum Tribunal administratif festleet, wann een hei mat enger Decisioun vum Minister am Kader vun dësem Reglement européen net averstanen ass.

Ier ech elo de Schluss maachen an den Accord gi vun der grénge Fraktioun, wëll ech awer elo - net, well ech elo nach därmoosse vill Riedezeit hunn; dat hat den Edy Mertens eng Kéier hei gesot an eng Geschicht vun engem Léiw gezielt -, wëll ech awer trotzdem eng Geschicht zielen, fir dat e bëssen ze illustréieren.

Zwu Saachen: Wat sinn iwwerhaupt déi exotesch Aarten? Do hu mer de Riesenbärenklau, e grouse Problem. Dat ass eng Planz, déi iwwerhandhëlt an och geféierlech fir d'Gesondheet ass. Damwëld, agefouert vu verschidde Jeeë, an duerno ass dat an d'fräi Natur iwwergesiedelt. De Wäschbier kennt Der. D'Nilgäns, hat ech scho gesot, an de Signalkribs. An da kommen ech bei mengem Beispill un.

Am Hierscht 2016 sinn ech mat mengem Meedchen Appel plécke gaangen; et muss ee jo eng Geschicht aus dem Norden zielen.

(Interruption)

An zwar ass dat an enger Wiss, wou eng kleng Baach laanschtleeft. Du ginn ech och mat mengem Meedche laanschd d'Baach kucken an do entdecken ech dann ee Steen, dee bougéiert. Deen huet mech natierlech e bëssen intriguéiert, well Steng meeschtens bei weíneg Waasser net wackelen. An dat war natierlech kee Steen, mä et war e Signalkribs, dee 15 Zentimeter laang war. Ech hunn natierlech dunn eng Foto vun deem gemaach. Ech hat och ëmmer gemengt, et wier en amerikanesche Kribs, mä et war awer u sech ee Signalkribs.

Ech hunn eng Foto gemaach an dat op der ANF gemellt. An dann e grouse Merci un den Tiago De Sousa, deen direkt mat senger Equipp komm ass. Si hu Reisen opgestallt an där klenger Baach, well déi u sech ustéisst un en Naturschutzreservat, an hunn därer 40 Stéck do erausgefaangen.

Fir déi Leit, déi interesséiert sinn: Sou gesäit de Gesell aus! Mä dat gesäit een op där Opléisung vun dësem Blat ganz sécher net an der Kamera.

(M. Gérard Anzia montre une photo à la Chambre des Députés.)

(Interruptions)

Ah, Dir wëllt dat och gesinn?

(Interruptions)

Do ass de Kandidat. An de President och.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Aah, villmools Merci!

► **M. Gérard Anzia (déi gréng), rapporteur.** - Et voilà!

(Interruptions)

Et ass och esou, dass déi 40 Stéck wäerten engem kulinarische Genoss zougefouert ginn, souwäit ech do informéiert sinn.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Gérard Anzia (déi gréng), rapporteur.** - Dat gesot, ginn ech den Accord vun der grénge Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift, hei kritt Der Äre Kribs erëm.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng), rapporteur.** - Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur, och fir den Anschauungsunterricht. An éischte Riedner ass den Här Marcel Oberweis, wann ech mech net iren.

Discussion générale

► **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Merci, Här President. No deem klengen Ausfluch bei d'Kriibswelt wollt ech dem Gérard Anzia Merci soe fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport.



Ech ginn och den Accord vun der CSV, wollt awer mer erlaben, eng Fro ze stellen, well mer de 27. Abrëll dëst Joer mat enger Recommandatioun vum interregionale Grupp befaasst si ginn. An do steet dran an engem interessante Saz: Déi dräi Länner, Belsch, Lëtzebuerg an Däitschland, sollten an hirem nordsche Gebitt - Aifel, Ardennen an och dem Eislek - kucken, wat do alles vun invasiven Déieren a Planzen erëmgeeschtert.

An deen zweeten Aspect an där Resolutioun ass nach méi interessant. Et soll am Biologieunterrecht de Kanner vermëttelt ginn - wat nei ass -, dass mer eis mat esou Planzenaarte mussen ausenansetzen. Mir hu grad e Fall gesot kritt vun engem Kriibs. Mä et gi jo och Kanner, déi sech do verbrannt hu bei dem Bärenklau an esou virun. Dat heescht also, do leeft eppes ze kommen. Dat sollte mer also méi schaarf kucken.

Den Accord vun der CSV hunn ech bruecht. Merci villmools.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Dann d'Madamm Asselborn.

► **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).**- Majo, ech hunn dann déi grouss Eier, am Nymm vun der LSAP dem Rapporteur fir d'Eischt emol Merci ze soe fir säi Rapport haut de Mëtten hei an och dee schréfftlechen, deen en eis geliwwert huet. An ech ginn dann den Accord vun der Sozialistescher Partei.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Hahn.

► **M. Max Hahn (DP).**- Och ech géif dem Rapporteur ganz gäre Merci soe fir säi schréfftlechen a säi mëndleche Rapport, virun allem fir déi ganz erfrëschend Geschicht um Schluss. A refaire, géif ech soen. An an deem Sënn...

► **Une voix.**- Déi kritt Der och vun eis!

► **M. Max Hahn (DP).**- ...ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei.

(Hilarité et interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus fir d'Eischt emol e Merci un de Rapporteur fir alles dat, wat en eis erzielt huet an erkläert huet.

Mir hunn als ADR mat der Ausrichtung vun deem Gesetz kee Problem. Mir schléissen eis awer och den Observatiounen vun der Chambre d'Agriculture un, déi jo kritiséiert huet, datt bei 13 Aarten, déi am Abléck bal um ganzen Territoire, op jidde Fall wäit verbreet sinn hei um Territoire, nach net genuch gemaach gouf, fir deem entgéintzewierken. An d'Fro ass natierlech: Wat mécht d'Regierung, fir déi Situatioun ze geréieren?

Et ass och esou - an ech mengen, et ass do-robber ugespillt ginn -, datt mer verschidde Kontradiktiounen nach hu bei der Ëmsetzung vun der europäescher Lëscht an eisen nationale Reglementatiounen. Och déi mussen ugepasst ginn.

De Problem, dee mer an dëser Diskussioun hunn, ass méi ee vu rechtsstaatlecher Natur. Mir hunn hei éischtens ganz héich Strofen, wou d'Chambre de Commerce - mä net nëmme si - seet, déi sinn ze héich fir dat, iwwer wat mer hei schwätzen.

Mir hunn och nach ëmmer eng Regelung fir d'ONGen, datt déi sech kënne Partie civile constituéieren, obschonn zënter Joren ee Ministère public déi ganz Responsabilité sociale huet an de ganzen Domän kann ofdecken. D'Fro stellt sech also, ob mer nach un där Méiglechkeet solle festhalen, datt ONGe sech kennen als Partie civile och constituéieren, wou u sech de Ministère public scho laang Kompetenzen huet.

An déi drëtt a méi grondsätzlech Fro ass: Gi mer net dauernd méi Leit, Administratiounen, déi eigentlech net d'fir geduecht sinn, Polizeirechter? Den Här Anzia hat se a sengem Rapport opgezielt, wien alles hei kann Officier de police judiciaire sinn, wéi eng Rechter déi hunn, déi och zimlech wäit ginn an déi souguer eng Visite domiciliaire ënner gewëssene Konditiounen net ausschléissen.

D'ADR seet do ganz kloer, mir sollen net eng Proliféeratioun vun Officiers de police judiciaire hunn. Mir sollen éischter kucken, datt mer am Kader vun der Douane, awer de préférence vun der Police eng Ëmweltpolizei schafen, déi déi ganz Panoplie vun dese Gesetzger géif ofdecken. Dat si Leit, déi sinn ausgebilt. Déi sinn an engem klore rechtsstaatleche Kader, fir déi Saache kennen ze maachen, soudatt d'Ëmweltverwaltung an aner Verwaltungen sech kennen op hir eigentlech Tächë konzentréieren. A mat Verfolgung och vu Strofdoten am Ëmweltberäich erëm hei an de Kompetenzberäich vun der Polizei usidelen, do, wou et rechtsstaatlech am einfachsten ass an am richtigsten ass, fir domadder ëmzegoen.

Wéi gesot, d'ADR ass mam Gesetz per se d'accord; mat der Ausrichtung onbedéngt. Awer well mer eng aner Attitüd hunn, eng aner Iwwerzeegung, wéi mer solle Strofdoten am Ëmweltberäich ugoen, wäerte mir eis an deem Gesetz enthalten.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Och e Merci un de Rapporteur, och fir seng lieftaht Geschicht, wou ech ee Moment gefaart hat, wéi e mam Kriibs ugefaangen huet, e géif iwwert de Kolleg Alexander schwätzen,...

(Hilarité)

...deen, wéi mer wëssen, jo och duerchaus exotesch ka sinn, mä vläicht net grad esou envahissant. Mir stëmmen deem Projet zou.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Elo kënnt Der frou sinn, dass den Här Alexander Krieps kee Fait personnel invoquéiert!

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **Une voix.**- E fillt sech géiert!

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- An d'Wuert huet elo d'Madamm Ëmweltminstesch Carole Dieschbourg.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.**- Fir d'Eischt emol wëll ech dem Rapporteur, dem Gérard Anzia, e grouse Merci soe fir dee vollstännegen a gudde Rapport. An da versichen ech awer, nach eng Kéier ganz kuerz op déi invasiv Aarten anzegoen, déi wierklech e grouse Problem sinn, well et e groussen Impakt huet, 20 Milliarden Euro am Joer an der EU, dat sinn op weltwäitem Niveau 5% vum GDP. Ech mengen, dat ass net keen Impakt, an dofir ass et ganz wichteg, dass mer dat heiten haut maachen an dass mer natierlech awer och Sensibiliséierung maachen.

An da kommen ech op dem Här Oberweis seng Fro - do sinn immens vill Leit haut schon um Terrain ënnerwee. Mir waren dat viru ronn zwee Joer eng Kéier mat der Press kucken, wat een alles géint invasiv Aarten - do ginn et jo ënnerschiddlecher; dat eent sinn d'Déieren, dat anert sinn d'Planzen, an dann hu mer och nach Schuedorganisme wéi Pilzbefall zum Beispill un eisen Eschen. Dofir ginn déi kapott.

Dofir ass et wichteg, dass all Akteure matmaachen. An haut hu mer schonn d'Natur- a Bëscherwaltung ënnerwee. Mir hunn d'Waasserverwaltung, mir hunn d'Naturparken, d'biologesch Statiounen. An et géllt natierlech ëmmer, an dat insbesondere do - de Riesenbärenklau ass gefall -, wou mer e Problem hu vun der Gesondheet vun de Leit - well do kann ee sech dru verbrennen, dat gëtt immens Bloosen -, ze sensibiliséieren.

Do hoffe mer natierlech op d'Mataarbecht vu jiddwerengem. Mä déi Efforte sinn, wéi gesot, haut scho ganz massiv amgaangen. An do soen ech den Akteuren um Terrain, déi wierklech gutt Aarbecht laanscht eis Baachleef gemaach hunn an iwwerall soss och, wierklech e ganz grouse Merci, well dat ass e ganz sensibel Thema.

Nach méi sensibel gëtt et natierlech, an dat kënnt Der lech denken, wann et ëm Déiere geet wéi Wäschbieren oder Gänsen, wou jo och nach de Risk ass, dass deen een oder anere fënnt, dass dat ganz léif Aarte sinn. Dofir sinn do d'Aktiounspläng, déi mer musse maachen, ganz wichteg. Wichteg ass och, dass mer eis hei d'Moyene ginn, hei e Suivi ze maachen, e Comité ze maachen, dee mer nei instauréieren, deen eis beréit.

D'ONGen, Här Kartheiser, ech mengen, do ass awer Aarhus ganz wichteg. An et ass eng Ëmsetzung. An ech mengen, do bleiwe mer op deem Wee. An d'Police ka jo och OPJ sinn. An ech mengen, dass mer hei Experten um Terrain hunn, déi duerchaus hir Aufgabe kënne maachen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Da géife mer iwwert de Projet de loi 7205 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7205 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Eischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

56-mol Jo, 3 Abstentionen. Domat ass de Projet de loi 7205 ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7205 est adopté par 57 voix pour, 0 voix contre et 3 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Gilles Roth), Françoise Hetto-Gaasch (par M. Paul-Henri Meyers), MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marco Schank) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

An ech froen lech nach d'Dispens. D'accord?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

An da komme mer vun deenen Aarten, déi bei eis net esou erwënscht sinn, bei déi Aarten, déi riskéieren eis auszestierwen: de Projet de loi 7219, och d'Transpositioun vun engem EU-Reglement. An de Fachmann ass scho prett. Här Anzia, Dir hutt d'Wuert, wann ech gelift mat Anschauungsunterricht!

5. 7219 - Projet de loi

1° concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (CE) 338/97 du Conseil du 9 décembre 1996 relatif à la protection des espèces de faune et de flore sauvages par le contrôle de leur commerce;

2° abrogeant les articles 2 à 12 de la loi modifiée du 19 février 1975 portant approbation de la Convention sur le commerce international des espèces de faune et de flore sauvages menacées d'extinction, signée à Washington, le 3 mars 1973

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Gérard Anzia (déi gréng), rapporteur.**- Här President, jo, jo. Léif Kollegeinnen a Kollegen, elo sinn ech natierlech gefuerdert, an ob ech de Fachmann sinn... Da probéieren ech, esou wäit wéi méiglech net ze enttäuschen.

Et geet hei u sech ëm d'Aarteschutzofkommes vu Washington vun 1973, wat ëmmer lafend verbessert ginn ass, wou eben och, wéi elo gesot ass, eng europäesch Reglementatioun muss an nationaalt Gesetz ëmgëssat ginn.

Et geet ëm eng Konventioun iwwert den internationalen Handel mat wellen Déieren a Planzen an Deeler vun deenen, déi um Ausstierwe bedrot sinn. Besser bekannt ass dat an Insiderkreesser ënnert dem Ofkierzel CITES. Ech ginn op d'Antecedenten an an duerno e bëssen duerch d'Artikelen vun deem Projet de loi.

Den Depot war den 13. Dezember d'lescht Joer vun der Ëmweltministesch. De Conseil d'État huet säin Avis den 30. Mäerz dëst Joer ofginn, d'Chambre de Commerce hiren den 2. Mäerz dëst Joer. Den 2. Mee hate mer et an der Ëmweltkommissioun. Si hu mech dann als Rapporteur ernannt, an dunn hu mer och den Avis vum Conseil d'État ënnersicht. De Rapport ass den 9. Mee dëst Joer ugeholl ginn.

Am Projet de loi geet et u sech drëm, d'Autorités compétentes an Analogie zu deem Gesetzestext, dee mer elo virdru behandelt hunn, festzeleeën, och nach eng Kéier, wien op dem Terrain ka Kontrolle maache goen. D'Penalitéite gi festgeluecht an deem Projet de loi. An och d'Awänn vun den ekologeschen Organisatiounen wäerten heira festgeschriwwen ginn.

Den Avis vum Conseil d'État: Do hate mer just e puer kleng Verbesserungen, déi mer direkt iwwerholl hunn.

Den Avis vun der Chambre de Commerce: Déi huet Bedenken, dass déi Koordinatioun

tëschent de verschiddenaartegen Akteuren u sech, do wäert ech nach eng Kéier drop agoen, Douane an aner Akteuren, gutt ka klappen an der deeglecher Aarbecht vun dësen Instanzen, déi sollen d'Gestioun hei iwwerhuelen.

Dat gesot, kommen ech dann op d'Artikelen. D'Kompetenz läit bei dem Ëmweltministère, am Artikel 1 festgeschriwwen.

Am Artikel 2 sinn d'Organes de gestion beschriwwen ginn. Dat ass hei e bëssen anescht. Hei hu mer eng Kéier fir d'Eischt d'Administration des services vétérinaires, well et jo och ëm Déiere geet. Mir hunn awer och Planzen, duerfir och d'Administration des services techniques de l'agriculture, déi hei wäerten als Akteur optrieden. An zwar ass et och erëm d'selwecht, dass déi eben och mussen eng entspriechend Formatioun da matmaachen.

Am Artikel 3 hu mer eng Autorité scientifique, déi mer aféieren, an zwar fir den Avis ofzeginn a fir de Minister an de Ministère an deenen entspriechende Fäll fir dese Règlement européen ze beroden.

Ganz wichteg: Et gëtt och e Comité CITES agefouert, deen ebe verschiddenaarteg besat ass, fir dass eben do déi richtig Entscheedunge getraff ginn. Dat ass am Artikel 4 de Fall.

An dann den Artikel 5, dat ass dee ganz wichtege Artikel fir eis, eis national Gesetzgebung. An zwar gi mer eis do d'Méiglechkeeten, dass déi Specimens, déi an der Annex A a B sti vum europäesche Reglement, dass mir do kënne e Règlement grand-ducal verfaassen op nationalem Niveau, fir op e puer Vektoren ze intervenéieren: eng Kéier op dem Import vun Déieren, Planzen an Deeler vun Déieren a Planzen; eng Kéier um Transport fir kommerziell Zwecker, fir iwwerhaupt dee kommerziellen Notzen, fir de Verkaf oder fir den Akaf vun Deeler, Déieren, Planzen, déi op den Annexen A a B vum europäesche Reglement stinn.

Do kéint een zum Beispill un den Handel vun Elfenbein denken, deen een eben iwwert dee Volet kéint hei zu Lëtzebuerg aschränke respektiv souguer verbidden.

Den Artikel 6 leet d'Mesure-administrativ fest, wann ënner anerem do eng Saisie ass, wat jo dat Normalst ass op der Douane. Wann do festgestallt gëtt, dass esou eng exotesch bedroten Aart do ass, eng well Aart do ass, da kann eng Saisie gemaach ginn, oder och Deeler vun Aarten, well Der jo wësst, dass a verschiddene Länner Deeler vun Déieren nogesot gëtt, dass déi daermoossen Effekter hunn, wat d'Sexualleewen ueget, an duerfir och deementsprechend gehandelt ginn an eben och probéiert gëtt, se duerch d'Douane ze schmuggelen.

Dann hu mer den Artikel 7. Do geet et ëm d'Recherche a wéi déi Infraktiounen kënne festgestallt ginn. Do sinn dann déi Akteure benannt. Ech hat scho virdru gesot: Et ass d'Douane, et ass awer och d'Administration des services vétérinaires, et ass d'ASTA, et sinn natierlech och déi Agents vum der Administration de la nature et des forêts, déi eben do déi Qualité d'officier de police judiciaire kréien no der entspriechender Formatioun.

De Pouvoir de contrôle gëtt hei och nach eng Kéier festgehalen. Natierlech: D'Police grand-ducale an déi virgenannten Akteure kënne do aktiv ginn.

Am Artikel 9 sinn erëm eng Kéier d'Sanctions pénales festgehalen, och aacht Deeg bis sechs Méint Prisong a 50.000 bis 500.000 Euro Geldstrof.

Den Droit de recours ass am Artikel 10 festgehalen fir d'Associations écologiques. An dann de Recours en réformation virum Tribunal administratif géint d'Decisioun vum Minister ass hei festgehalen.

Zum Schluss, ier ech elo den Accord vun der grénger Fraktioun ginn, kann ech elo net eng groussaarteg Geschicht huelen, mä ech géif awer d'Geschicht vu mengem Kolleg Edy Mertens opgräifen, déi mam Léiw, well dat wär gradesou eng Aart, déi...

► **Une voix.**- Den „Löw“.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng), rapporteur.**- Jo, den „Löw“, mä esou géif ech jo net soen, duerfir, ech muss mengem Mond no schwätzen. Also, de Léiw, oder „Löw“ op Héichéislekesch, dee géif natierlech hei drënnerfalen. Deen dierft also weder gehale ginn nach gehandelt ginn nach geschluicht ginn an eenzel Deeler vun em hei verkaaft ginn.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Très bien!